

COMMENTAIRE - TËSCHERUFF VUM ANNE-MARIE HANFF - 14.04.2020

Et geet eis net ëm d'Suen!



Léif Infirmièren an Infirmieren: Mir all spieren den Drock den d'Corona-Infektioun ausléist.

D'Fleegepersonal huet momentan weltwäit eng schwéier Laascht ze droen an dës Kris weist kloer: Wann d'Infirmière dës Laascht net géing droen, géing eise System zesammenbriechen. Dëst féiert zu den laang *ersehnten* Diskussiounen, wéi eisen Asaz wäertgeschätzt ka ginn. Mir hunn do e ganz kloer Message un d'Gesellschaft an Politik: Et geet eis net ëm d'Suen!

Et geet eis - Infirmièren an Infirmieren - drëm, esou schaffen ze kënnen, wéi et eis Flicht ass an dass mir no der Schicht mat engem gudde Gewëssen heemgoe kënnen!

Et geet eis drëm, dass d'Qualitéit vun eiser Aarbecht nees am Zentrum soll stoen an net de Finanzement!

Et geet eis drëm, dass net aner Beruffsguppen um Dësch iwwert eis

diskutéieren, mee mat eis an dat op Aenhéicht!

Et geet eis - Infirmièren an Infirmieren - drëm, dass dem Chief Nursing Officer seng wichteg Roll um Gesondheitsministère endlech offiziell unerkannt gëtt mam Pouvoir, am Alldag an a Krisesituatiounen Decisiounen ze treffen.

Et geet eis drëm, dass mir net ëmmer jäizen wëllen, mee dass ee fir d'Fleeg responsablen USPriechpartner an eiser Regierung sech eisen Problemer unhëlt.

Et geet eis drëm, dass d'Politik déi déif Ausbildungszuelen dach net einfach esou hinhuele kann!

Fleegen kann net Jiddereen! Et muss een eng drop hunn fir an eisem Beruf kennen ze schaffen! Et geet eis Infirmièren an Infirmieren drëm, dass endlech an eisen Beruff an an d'Formatioun op Bachelorniveau investéiert gëtt an dass dës als Benefice fir d'Gesellschaft an net als Käschtepunkt gesi ginn.

Et geet eis drëm, dass och eng Infirmière ka „Karrière“ um Bett vum Patient maachen, dass all Infirmière sech op universitärem Niveau weider Kompetenze kann uneegnen an dass mir eis Expertise herno och um Terrain uwendé kënnen!

Kuerz gesot: Et geet eis drëm, dass d'Prioritéiten iwwerduecht a méi op déi essentiell Beruffer geluecht ginn. Dës goufen vun der Regierung am Kader vun dëser Krise definéiert an dozou gehéiert och d'Fleeg!

An d'Zukunft vun deem essentielle Beruff kann net dem Zoufall iwwerlooss ginn. Si muss op den Ordre du Jour vun eiser Regierung an eis Problemer, déi mir säit Joren thematiséieren, müssen endlech eescht geholl ginn!

Dëst ass déi eenzeg Unerkennung, déi eiser Roll an dëser Kris gerecht gëtt!